Administration de la nature et des forêts

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

# FAQ

## fir ëmweltpedagogesch Gruppenaktivitéiten an der Natur



**zoustännegen Editeur**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Administration
de la nature et des forêts

**Konzeptioun a Redaktioun**

Carmen Weisgerber
Cathy Maquil
Marie-Paule Kremer

Michel Leytem
Mara Wagner

**Versioun 1.1 vum 18.2.2022**

Cover-Foto: Adobe Stock

# Inhaltsverzeechnes


Code de bonne conduite ........ 3

FAQ ........ 5

Kapitel 1: Aktivitéiten/Manifestatiounen ........ 9

1.1. Aktivitéiten an der Natur ........ 9

1.1.1. Wéini brauch een eng Geneemegung, fir Aktivitéiten an der Gréngzon ze maachen? ........ 9

1.1.2. Dierf een Nuetsaktivitéiten am Bësch organiséieren? ........ 10

1.1.3. Dierf ee Feier an der Natur maachen? ........ 10

1.1.4. Dierf ee mat engem motoriséierte Gefier an de Bësch fueren? ........ 11

1.1.5. Dierf ee mat engem Vëlo duerch de Bësch fueren? ........ 11

1.1.6. Wéi zeechent een e Wee? ........ 11

1.2. Camp ........ 12

1.2.1 Brauch een eng Geneemegung, fir e Camp an der Gréngzon ze organiséieren? ........ 12

1.2.2. Gi fir funktionell Konstruktiounen, déi am Kader vu Campen néideg sinn, Geneemegunge gebraucht? ........ 12

1.2.3. Dierfen Aktivitéiten a Campen an der Gréngzon op privaten Terrainen organiséiert ginn? Ass hei e schrëftlechen Accord vum Proprietär néideg? ........ 13

1.2.4. Verlount de Staat Terrainen, fir Campen drop ze organiséieren? ........ 13

Kapitel 2: Respekt vun der Natur ........ 15

2.1. Dierf ee wëll Déieren zu pedagogeschen Zwecker fänken? ........ 15

2.2. Dierf ee Planze plécken? ........ 15

2.3. Dierf een Äscht ofschneiden? ........ 16

2.4. Dierf een organeschen Offall an der Natur leie loossen? ........ 17

2.5. Wéi geet ee mat Hausdéieren an der Natur ëm? ........ 17

Kapitel 3: Konstruktiounen ........ 19

3.1. Wat dierf een an der Gréngzon opriichten? ........ 19

3.2. Ënner wéi enge Konditioune kann e permanenten Ënnerstand an der Gréngzon opgeriicht ginn? . 19

3.3. Dierfe bestoend Konstruktiounen an der Gréngzon renovéiert an/oder vergréissert ginn? ........ 20

3.4. Dierfe Konstruktiounen an der Gréngzon verlount ginn? ........ 21

# Code de bonne conduite
# fir ëmweltpedagogesch Gruppenaktivitéiten an der Natur

Dëse Code de bonne conduite stellt Verhalensreegelen op, wéi een sech dobaussen an der Natur am Beschte verhält, fir dës kënne voll ze genéissen a gläichzäiteg e klengstméigleche Foussofdrock ze hannerloossen. Explikatiounen zu dëse Fauschtreegelen a weider Detailer fannt dir an dësen „FAQ fir ëmweltpedagogesch Gruppenaktivitéiten an der Natur“.

- Bleif op den ausgeschëlderten/versigelte Weeër.
- Huel däin Dreck mat heem.
- Looss d’Déieren an d’Planze liewen.
- Fir ze spillen, benotz just dat Material, wat um Buedem ze fannen ass.
- Maach just op offizielle Feierplaze Feier.
- Maach keen onnéidege Kaméidi.
- Hal däin Hond un der Léngt.
- Bleif mat motoriséierte Gefierer op de versigelte Weeër.
- Maach d’Aktivitéite wärend der Bëschrou just op den ausgeschëlderten/versigelte Weeër.
- Schwätz dech mam Revéierfierschter of.

# FAQ
# fir ëmweltpedagogesch Gruppenaktivitéiten an der Natur

Dëst Dokument ass vum Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung a vun der Naturverwaltung ausgeschafft ginn. D'Zil ass Transparenz an eng administrativ Vereinfachung fir d'Acteuren am Beräich vun der Ëmweltbildung an der Bildung fir nohalteg Entwécklung, déi an der Natur schaffen. Et applizéiert sech op ëffentlech an Non-Profit-Institutiounen, déi am Domaine vun der *Éducation à l'environnement* täteg sinn an déi deen hei integréierte Code de bonne conduite respektéieren. Virausgesat gëtt deemno e gewësse Respekt am Ëmgang mat der Natur.

De Code de bonne conduite setzt deen allgemeng gëltege Kader, d'FAQen nuancéieren an erklären.

Am FAQ-Dokument – dat op engem Froekatalog, dee vun den Acteuren aus dem Secteur zesummegestallt gouf, baséiert – fannt dir dofir Kloerstellungen zum juristesche Kader vum Naturschutzgesetz a pragmatesch Hëllefstellungen, fir d'Natur an d'Ëmwelt ze respektéieren an ëmweltpedagogesch Aktivitéiten am Aklang mam Naturschutzgesetz ze organiséieren. Hei ginn engersäits d'Aktivitéite gewisen, déi an dësem Kader ouni schrëftlech Geneemegung an der Gréngzon dierfe gemaach ginn, anerersäits gëtt awer och e Kader gesat, deen et erméiglecht, d'Geneemegungsufroen esou virzebereeden, datt se hire Wee duerch d'Prozedure méiglechst schnell an onproblematesch kënne fannen.

Fir dëst Zil kennen ze erreechen, ass et wichteg, datt déi Acteuren, déi an der Natur schaffen, e reegelméissegen Austausch mam zoustännege Revéierfierschter hunn.

Hei eng Rëtsch Definitioune vu Wierder, déi ëmmer erëm optauchen:

## Aktivitéiten

Aktivitéiten, déi vu staatlechen, para-staatlechen, kommunalen oder Non-Profit-Etablissementer an Organisatiounen, déi am Beräich vun der *Éducation à l'environnement* an der *Éducation au développement durable* schaffen, ausgeféiert ginn an de Code de bonne conduite respektéieren.

## Ausgeschëldert a versigelt Weeër

Als ausgeschëldert Weeër ginn all déi Sentiere bezeechent, déi an der Gewan mat offizielle Schëlder markéiert sinn, gradesou wéi all déi Sentieren, déi an der Tourismussektioun vum Geoportail als solch agedroe sinn.

Dir fannt d'Sentieren op Geoportail.lu: http://g-o.lu/3/ZNZz

Als versigelt Weeër gi Weeër mat waasseronduerchlässegem Belag wéi Beton, Makadamm oder Goudron bezeechent.

## Droit à la propriété

D'FAQe beschäftegen sech virun allem mat Froen zum a ronderëm d'Naturschutzgesetz. Dir dierft awer net vergiessen, datt dir iech, wann dir an der Natur ënnerwee sidd, an der Reegel op engem anere sengem Terrain ophaalt, sief et vum Staat, vu Gemengen oder vun engem Privatproprietär. Och an deem Kader hutt dir Rechter a Flichten, déi ze respektéiere sinn. Sou soll ënner anerem ni engem aneren seng Proprietéit beschiedegt oder zerstéiert ginn.

## Formulairë fir d'Geneemegungen

Den néidege Formulaire fir all Geneemegungsufro fir Aktivitéiten an der Gréngzon fannt dir op:

https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/emweltprozeduren/conservationdelanature/2021/Manifestation.pdf

http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/18/a771/jo

Den néidege Formulaire fir all Geneemegungsufro fir Neibauten a Renovéirungen an der Gréngzon fannt dir op:

https://environnement.public.lu/dam-assets/documents/emweltprozeduren/conservationdelanature/2021/Art-6-Nouvelle-Construction.pdf

## National Naturschutzgebidder

National Naturschutzgebidder sinn iwwer groussherzoglech Reglementer geschützt. Dës Reglementer setzen e ganz klore Kader, wat hei erlaabt a verbueden ass. An dëse Gebidder gëllen e puer besonnesch Aschränkungen.

D'Informatiounen an dësem Dokument sinn allgemeng gëlteg am ganze Land. Dacks sinn d'Virgaben an den Naturschutzgebidder awer méi restriktiv wéi déi allgemeng Reegelen, déi an dësem Dokument opgefouert sinn. An dëse Reglementer sinn an der Reegel keng Derogatiounsméiglechkeeten, och net fir ëmweltpedagogesch Gruppenaktivitéiten, virgesinn. Wann dir Aktivitéiten an den nationalen Naturschutzgebidder wëllt maachen, ass et dofir wichteg, ëmmer och nach eng Kéier dës Reglementer ze kontrolléieren an se och strikt ze respektéieren.

Dir fannt déi national Naturschutzgebidder op Geoportail.lu:

https://map.geoportail.lu/theme/emwelt?bgLayer=topo_bw_jpeg&lang=fr&version=3&zoom=8&X=667917&Y=6394482&rotation=0&layers=804&opacities=1. De Link op den Text vum Reglement fannt dir andeems dir e Lénksklick op d'Fläch vum Naturschutzgebitt maacht, dat iech interesséiert.

Nieft den nationalen Naturschutzgebidder gëtt et awer och Quelleschutzgebidder, déi iwwer groussherzoglech Reglementer geschützt sinn. Zemools bei stationären Aktivitéiten an dëse Gebidder kënne speziell Oplage gëllen. Deemno ass et och hei wichteg, ëmmer och nach eng Kéier dës Reglementer ze kontrolléieren an se och strikt ze respektéieren, respektiv sech am Virfeld mam Revéierfierschter ze concertéieren.

Dir fannt d'Quelleschutzgebidder op Geoportail.lu: http://g-o.lu/3/Cao3. De Link op den Text vum Reglement fannt dir, andeems dir e Lénksklick op d'Fläch vum Quelleschutzgebitt maacht, dat iech interesséiert.

## Naturschutzgesetz

Mat Naturschutzgesetz sinn an dësem Kader d'*Loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles* an seng Reglementer gemengt. De Link op d'Gesetz fannt dir hei: http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/18/a771/jo

## Reproduktiounsperiod

D'Reproduktiounsperiod ass déi Zäit am Joer, an där d'Mamendéieren, Vullen a Reptilien hir Jonk kréien an (zum Deel) opzéien. An dësem Zesummenhang bezitt den Ausdrock sech exklusiv op déi geschützten Aarten. Laut Art. 21 vum Naturschutzgesetz ass et verbueden, dës Aarten an der Reproduktiounsperiod absichtlech ze stéieren, well esou eng Stéierung kann zum Verloscht/Opgi vun der Brutt féieren (cf. Definitioun vu „signifikanten Impakt"). Dës Period variéiert liicht vun Aart zu Aart, mee graff verallgemengert kann ee soen, datt se vum 1. Mäerz bis den 31. Juli geet.

## Rouzäit

Rouzäit ass en Ausdrock, deen aus dem Juegdgesetz kënnt. En definéiert d'Period vum 1. Mäerz bis de 15. Abrëll, an där net gejot dierf ginn. Dëst ass den Zäitraum, an deem d'Wëld héich trächteg ass an hir Jonker op d'Welt bréngt. Vill Mamendéiere leeën hir Jonk am héije Gras oder am Gehecks of. Dës kënne weeder fortlafen nach sech géint Hond oder Mënsch wieren. Hënn (a Mënschen), déi fräi duerch de Bësch oder d'Gewan lafen, och wann se net joen, stellen e grousse Stressfaktor fir jonk an trächteg Déieren duer. An dësem Zäitraum ass et dowéinst immens wichteg, all Stéierung am Bësch ze vermeiden an och um oppene Feld den Hond un der Léngt ze halen.

## Signifikanten Impakt

Et ass schwiereg, eng prezis Definitioun vum Ausdrock „signifikanten Impakt" ze ginn. D'Erklärung, firwat dat esou ass, ass denkbar einfach: De signifikanten Impakt ass vun Aart zu Aart a vun Habitat zu Habitat ganz ënnerschiddlech. Eng an déi selwecht Aktivitéit kann zum Beispill e signifikanten Impakt op de schwaarze Stuerk hunn, mee absolut guer keen op de Kammmolch. Ob eng Aktivitéit e signifikanten Impakt huet, hänkt deemno dermat zesummen, wou eng Aktivitéit ofgehale gëtt, wéi vill Leit deelhuelen, iwwer wéi een Zäitraum dës Aktivitéit organiséiert gëtt, wéi eng Aart betraff ass a wéi eng Zäit vum Joer a vum Dag dës Aktivitéit stattfënnt. An deem Sënn gëtt dësen Text eng Hëllefstellung fir ze erkennen, a wéi enge Fäll eng Autorisatioun muss ugefrot ginn an a wéi enge Fäll net. Falls een sech och no der Lektür vun dësem Text nach onsécher ass, kann een sech direkt un den zoustännege Revéierfierschter wenden. Falls néideg, sicht hien de Kontakt mat weideren Experten aus der Naturverwaltung.

# Kapitel 1: Aktivitéiten/Manifestatiounen

Dëst Kapitel beschäftegt sech mat Froen zum Artikel 15 vum Naturschutzgesetz, dat heescht mat Froe ronderëm Aktivitéiten a Manifestatiounen am Beräich vun der Ëmweltbildung.

## 1.1. Aktivitéiten an der Natur

### 1.1.1. Wéini brauch een eng Geneemegung, fir Aktivitéiten an der Gréngzon ze maachen?

Et ass wichteg ze verstoen, datt net prinzipiell fir all Aktivitéit an der Gréngzon eng Geneemegung néideg ass.

Aktivitéiten ausserhalb vum Bësch a vun nationalen an europäeschen Naturschutzgebidder (Réserves naturelles an Natura2000) brauchen d'office keng Geneemegung, wa fir dës Aktivitéite keng Konstruktiounen néideg sinn.

Déi national Naturschutzgebidder sinn duerch groussherzoglech Reglementer definéiert. Dës Reglementer setzen e ganz prezise Kader, wat hei dierf an net dierf gemaach ginn, a si streng ze respektéieren. Derogatioune sinn hei net méiglech.

Am Bësch an an europäeschen Naturschutzgebidder brauchen nëmmen Aktivitéiten eng Geneemegung, déi e signifikanten Impakt op déi natierlech Ëmwelt hunn. Doduerch, datt d'Acteuren am Beräich vun der *Education à l'environnement* an der *Éducation au développement durable* de Code de bonne conduite respektéieren, ka bei engem Groussdeel vun den Aktivitéiten de signifikanten Impakt ausgeschloss ginn an et ass net néideg, eng Geneemegung unzefroen. Generell vun enger Geneemegung ausgeschloss gi kënnen all d'Aktivitéiten, déi:

- a Gruppe vu manner wéi 150 Leit ofgehale ginn;
- an der Rouzäit (1. Mäerz bis 15. Abrëll) exklusiv op ausgeschëlderten oder versigelte Weeër ofgehale ginn

  oder
- sech ausserhalb vun der Rouzäit op oder am direkten Ëmkrees vun 30 Meter vun ausgeschëlderten oder versigelte Weeër ofspillen a mam lokale Fierschter ofgeschwat sinn, sou datt e signifikanten Impakt kann ausgeschloss ginn.

De Revéierfierschter ass déi éischt Kontaktpersoun a kann ausserdeem op aner potenziell Problemer, wéi zum Beispill aner Manifestatiounen, Klappjuegten, Chantieren oder och potenziell geféierlech Zonen am Bësch opmierksam maachen.

Am Fall vun Aktivitéiten, déi méi reegelméisseg iwwer d'ganzt Joer organiséiert ginn, wéi zum Beispill wëchentlech Bëschdeeg an de Schoulen, Versammlunge vun de Scouten oder geféiert Wanderungen, gëtt recommandéiert, de Revéierfierschter ufangs des Joers ze kontaktéieren an déi geplangten Aktivitéite

matzedeelen an ofzeschwätzen, fir méiglech Problemer vun Ufank un aus dem Wee ze raumen. Sollten hei sensibel Sitë betraff sinn, kann hien direkt drop opmierksam maachen a mat den Organisateure vun der Aktivitéit zesummen Alternativen ausschaffen.

### 1.1.2. Dierf een Nuetsaktivitéiten am Bësch organiséieren?

Generell gëllt d'Nuetsrou am Bësch. Eis Bëscher ginn ëmmer méi staark och fir hir Erhuelungsfunktioun genotzt, dat heescht fir d'Fräizäitaktivitéite vum Mënsch. Dëst ass prinzipiell eng gutt Saach an ze begréissen. Et heescht awer och, datt de Liewensraum vun der lokaler Fauna ëmmer méi kleng an zerschnidde gëtt a virun allem, datt och am Réckzuchsgebitt Bësch ëmmer méi Stéierung vum Mënsch kënnt. Dofir ass et wichteg, de Bësch nuets – also vun enger Stonn no Sonnenënnergang bis eng Stonn viru Sonnenopgang – esou roueg wéi méiglech ze loossen an Nuetsaktivitéiten op en absolutte Minimum ze beschränken.

Fir ze evitéieren, datt eng Nuetsaktivitéit, och an engem klenge Grupp, e signifikanten Impakt op eis Ëmwelt huet, gëllt et hei, follgend Recommandatiounen ze respektéieren:

- An den Naturschutzgebidder ass et net méiglech, Nuetsaktivitéiten ouni Naturschutzgeneemegung ze organiséieren.
- An der Reproduktiounsperiod an der Rouzäit mussen Nuetsaktivitéite reng op den ausgeschëlderten oder versigelte Weeër ofgehale ginn an dierfe weeder Kaméidi nach Liichtverschmotzung provozéieren.
- D'Aktivitéite sollen sech wa méiglech nëmmen op ausgeschëlderten oder versigelte Weeër ofspillen. Eng maximal Distanz vun 30 Meter zu den ausgeschëlderten oder versigelte Weeër ka punktuell akzeptéiert ginn.
- De Revéierfierschter muss am Virfeld kontaktéiert ginn an d'Aktivitéit muss am Detail mat him ofgeschwat ginn. Seng Uweisunge si strikt ze respektéieren. Sollt op der gewënschter Plaz an op deem gewënschten Datum keng Léisung fonnt ginn, déi e signifikanten Impakt ausschléisst, muss eng aner Plaz an/oder en aneren Datum fonnt ginn. Ass keng Eenegung méiglech an et wëllt een trotzdeem un der Aktivitéit festhalen, mussen déi néideg Etüde gemaach an eng Geneemegung ugefrot ginn.

### 1.1.3. Dierf ee Feier an der Natur maachen?

Feier dierf nëmme gemaach ginn, wann et e speziellen Zweck erfëllt. Dat ass beim Grillen de Fall. Wichteg ass awer, datt Feier am Oppeland, mee virun allem am Bësch, ëmmer mat engem gewësse Risiko behaft ass. Dofir dierf Feier nëmmen op speziell dofir amenagéierte Plaze gemaach ginn. D'Revéierfierschteren, mee och d'Gemengen, kennen dës Feierplazen a kënnen iech soen, wou dir se fannt. Sinn am Kader vun Hikë keng esou Plazen am noen Ëmfeld disponibel, dierf d'Feier och op speziell zu deem Zweck op vum Revéierfierschter ausgewisene Plaze gemaach ginn.

Wichteg ass, datt hei ëmmer déi néideg Precautioune geholl ginn, dat wëll heeschen, datt ee genuch Waasser derbäihuet, fir d'Feier am Noutfall kënnen auszemaachen/anzedämmen, an datt een d'Feierplaz eréischt verléisst, wann d'Feier ganz aus ass.

Bei Brandgefor ass et komplett verbueden, Feier ze maachen. Dat gëllt dann och op deene speziell amenagéierte Feierplazen.

### 1.1.4. Dierf ee mat engem motoriséierte Gefier an de Bësch fueren?

D'Benotze vu motoriséierte Gefierer am Bësch ass nëmmen op versigelten ëffentleche Weeër erlaabt. Nëmmen d'Ayant-causen – zum Beispill Fierschteren, Bëschaarbechter oder Proprietäre vu Privatbëscher – dierfe mat motoriséierte Gefierer op net-versigelte Weeër am Bësch fueren. Fir all aner Passagë mat motoriséierte Gefierer op net-versigelte Weeër am Bësch ass eng speziell Geneemegung am Kader vum Naturschutzgesetz néideg (Art. 15). De Kaméidi vu motoriséierte Gefierer stellt awer ëmmer eng Stéierung duer. An deem Sënn sollt nëmmen an extreeme Fäll (medezinesch Urgencen, Sich no vermësste Persounen) op dës Optioun zeréckgegraff ginn.

### 1.1.5. Dierf ee mat engem Vëlo duerch de Bësch fueren?

D'Benotze vun engem Vëlo/Mountainbike am Bësch ass nëmmen op de Vëlosweeër an op den ausgeschëlderte Weeër erlaabt.

### 1.1.6. Wéi zeechent een e Wee?

D'Markéiere vu Pisten oder Poste kann nëmmen op den ausgewisenen oder versigelte Weeër mat natierleche Materialie wéi Steng, Äscht, Miel oder Kräid souwéi mat weiderverwäertbare Schëlder duerchgefouert ginn. De Marquage muss vergänglech sinn an dëse muss 2 Deeg no der Aktivitéit/dem Spadséiergang/der Manifestatioun ewechgeholl ginn.

## 1.2. Camp

### 1.2.1 Brauch een eng Geneemegung, fir e Camp an der Gréngzon ze organiséieren?

Duerch hir Envergure an den Zäitraum, wärend deem se stattfannen, gëlle Campen an änlech stationär Aktivitéiten als Aktivitéiten, déi riskéieren, e signifikanten Impakt op d'Natur ze hunn. Dofir ass hei ëmmer eng Geneemegung am Kader vum Artikel 15 vum Naturschutzgesetz néideg. E spezielle Formulaire fir dësen Typ vu Geneemegung ass op www.emwelt.lu ze fannen. Wichteg ass, datt hei net just d'Dauer vum Camp an d'Unzuel vun de Participanten ugi gëtt, mee och den Zäitraum, an deem op- an ofgeriicht gëtt, an d'Konstruktiounen an Amenagementer, déi dofir néideg sinn. Ausserdeem muss op hir Funktioun am Beräich vun der *Éducation à l'environnement* an der *Éducation au développement durable* higewise ginn.

Et ass wichteg, follgend Recommandatioune beim Choix vum Emplacement ze beuechten:

- An den Naturschutzgebidder, an de Bëscher an op Biotopflächen ass et net méiglech, esou stationär Aktivitéiten ze organiséieren.
- Stationär Aktivitéite sollen ausserhalb vun der Reproduktiounsperiod an der Rouzäit ofgehale ginn.
- De lokale Fierschter muss fréizäiteg kontaktéiert ginn an d'Aktivitéit muss am Detail mat him ofgeschwat ginn. Seng Uweisunge si strikt ze respektéieren. Sollt op der gewënschter Plaz an op deem gewënschten Datum keng Léisung fonnt ginn, déi e signifikanten Impakt ausschléisst, muss eng aner Plaz an/oder en aneren Datum fonnt ginn.
- Déi stationär Aktivitéit soll op engem Nohaltegkeetskonzept baséieren, deen ënner anerem eng kloer Offallgestioun, e Mobilitéitskonzept an eng Notzung vu lokalen, saisonalen an nohalteg produzéierte Liewensmëttele mat berücksichtegt.
- Et muss e Konzept fir Stroum, Toiletten, Drénkwaasser an Ofwaasser virleien.
- Den Impakt vu Kaméidi a Liichtverschmotzung op déi lokal Fauna muss kënnen ofgeschat ginn.
- D'Geneemegung soll mindestens 3 Méint am Virfeld ugefrot ginn.

Wann Zelter just fir eng Dauer vu maximal 3 Nuechten op der eegener bebautener Proprietéit (z. B. beim Scoutshome) opgeriicht ginn, ass keng Geneemegung néideg.

### 1.2.2. Gi fir funktionell Konstruktiounen, déi am Kader vu Campen néideg sinn, Geneemegunge gebraucht?

Campen an aner stationär Aktivitéite musse prinzipiell ëmmer am Virfeld ugefrot ginn. Am Kader vun dëser Demande ass et wichteg, och direkt all déi temporär Konstruktiounen ewéi Scoutskichen, mobil Toiletten oder Killween, mee och Installatioune wéi Feierplazen, mat opzeléschten, déi néideg sinn, fir e gudden Oflaf vum Camp kënnen ze garantéieren. Heifir sinn awer keng detailléiert Baupläng, déi vun engem Architekt

gezeechent goufen, néideg; et geet duer, e klenge Croquis mat de Moossen oder eng Foto vun engem änleche Bau vun engem fréiere Camp derbäizeleeën. Dës Constructioune ginn dann explizitt an der Geneemegung vum Camp mat opgelëscht a sinn domat geneemegt. Wichteg ass, datt se nom Camp nees komplett ofmontéiert ginn a keng Spueren hannerloossen. Dat selwecht gëllt iwweregens fir Feierplazen,

déi an dësem Kontext néideg sinn.

### 1.2.3. Dierfen Aktivitéiten a Campen an der Gréngzon op privaten Terrainen organiséiert ginn? Ass hei e schrëftlechen Accord vum Proprietär néideg?

Natierlech dierfe Campen an aner Aktivitéiten an der Gréngzon och op privaten Terrainen ofgehale ginn, dëst ënner der Viraussetzung, datt kee signifikativen Impakt op d'Natur besteet, an – ofhängeg vun der Envergure – och eng Naturschutz-Geneemegung virläit. De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung ass awer net zoustänneg fir den Droit à la propriété a kontrolléiert dofir och net, wien de Proprietär vum Terrain ass, respektiv ob deen säin Accord ginn huet.

Et ass awer an ärem Interêt, en Accord ze hunn an dësen, falls vum Proprietär erwënscht, och kloer schrëftlech festzehalen. Sou kennt jiddwereen d'Konditioune vun der Stee a weess ganz genee, wat muss respektéiert ginn. Dëst verhënnert Sträit a Frust op béide Säiten a gëtt iech och hei eng gewësse Rechtssécherheet.

Opgepasst: A ville Fäll gëtt et e Proprietär an e Piechter vun engem Terrain. Et muss een sech deemno hei schlau maachen an an deem Fall mat béiden eens ginn.

### 1.2.4. Verlount de Staat Terrainen, fir Campen drop ze organiséieren?

Nee, de Staat verlount an der Reegel keng Terrainen un Drëtter zu dësem Zweck. Et ass och net de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dee fir d'Verpachte vun de Staatsterrainen zoustänneg ass, mee de Finanzministère an den Enregistrement (Administration de l'enregistrement, des domaines et de la TVA).

# Kapitel 2: Respekt vun der Natur

Dëst Kapitel beschäftegt sech mat Froe ronderëm d'Artikelen 18 an 20 vum Naturschutzgesetz, dat heescht dem respektvollen Ëmgang mat Déieren a Planzen am Kader vun ëmweltpedagogeschen Aktivitéiten.

## 2.1. Dierf ee wëll Déieren zu pedagogeschen Zwecker fänken?

Wëll Déieren – egal ob Schleek, Fräsch oder Heesprénger – sinn a bleiwe wëll Déieren. Fir si bedeit et en enorme Stress, fir sech fänken ze loossen a vum Mënsch ugepaakt ze ginn. An deem Sënn gëllt: Wann nëmmen iergendwéi méiglech, kuckt iech d'Déier a sengem natierlechen Ëmfeld un.

Wëllt Dir awer kleng Déieren ewéi Insekten oder Amphibië méi am Detail weisen, kënnen se och kuerz op d'Hand oder an e spezielle Behälter gesat ginn. Passt awer op, datt dir se net verletzt. D'Weise vun Déieren an der Natur brauch keng ministeriell Autorisatioun, soulaang d'Déier nees op déi selwecht Plaz zeréckgesat gëtt, op där et fonnt gouf.

Déi ganz Lëscht vu geschützten Déiere fannt dir op:

http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/code/environnement/20210426

Mamendéieren, Reptilien a Vullen (Ausnam: Experten mat Beréngerlizenz) solle prinzipiell guer net ugepaakt ginn. Dëst gëllt och fir hir Kleng. Sollt Dir d'Chance hunn, dëst ze erliewen, da verhaalt Iech roueg, gitt net ze no a genéisst et!

Et sief och bemierkt, datt dir iech am Bësch an den Déieren hirer beschter Stuff befannt. Dës sollt deemno mam néidege Respekt behandelt ginn. Steng, Äscht a soss Material sollen ëmmer erëm op déi Plaz zeréckgeluecht ginn, wou dir se geholl hutt.

## 2.2. Dierf ee Planze plécken?

### *Blieder a Blummen*

Blieder a Blumme sinn Deel vun engem komplexen Ökosystem. An deem Sënn gëllt: Wann nëmmen iergendwéi méiglech, kuckt iech d'Planz an hirem natierlechen Ëmfeld un. Pléckt se net. Planzen oder Deeler vu Planze plécken, nëmme fir se duerno erëm ewechzegeheien, mécht wéineg Sënn.

Planze komplett mat hire Wuerzelen erauszehuelen ass generell tabu.

Ginn Deeler vu Planzen – falls néideg, och d'Wuerzelen – par contre fir d'Realisatioun vun engem Herbarium am Kader vun enger pedagogescher Aktivitéit iwwer déi natierlech Ëmwelt gepléckt, sou ass dat akzeptabel. Hei soll awer opgepasst ginn, datt just esou vill gepléckt gëtt, wéi wierklech fir den Herbarium néideg ass. Dat selwecht gëllt am Kader vun nationalen Traditioune wéi dem Krautwësch, vu Kraiderwanderungen an änlechen ëmweltpedagogeschen Aktivitéiten.

Persounen, déi pedagogesch Planzenaktivitéite maachen, sollten déi besonnesch geschützte Planzenaarten aus den Annexen 2 a 5 vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018 a vum *Règlement grand-ducal concernant*

*la protection intégrale et partielle de certaines espèces de la flore sauvage* vum 8. Januar 2010 erkennen. Dës Planzen dierfe guer net gepléckt ginn. Bei den Aarten aus der Annex B gëtt et Begrenzungen.

Fir all Risiko hei ze vermeiden, gëllt: Wann am Kader vun ëmweltpedagogeschen Aktivitéite Planzen oder Planzendeeler gepléckt ginn, da pléckt just déi Aarten, déi dir och kennt oder op der Plaz bestëmme kënnt.

An denkt drun: Eng Blumm ass ëmmer méi schéin an der Natur wéi op der Fënsterbänk. Dofir, genéisst de Moment a loosst se einfach stoen!

Méi Detailer an d'Lëschte vun deene geschützten Aarte fannt dir op:

http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2018/07/18/a771/jo

https://data.legilux.public.lu/file/eli-etat-leg-memorial-2010-14-fr-pdf.pdf

#### *Friichten*

Fir d'Recolte vu Friichten oder Nëss (Äppel, Bieren, Päerdsbier, Hammbier, Hielenner, Hiesel- oder Hackernëss ass keng Geneemegung am Kader vum Naturschutzgesetz néideg. Trotzdeem gëllt: Pléckt mat Mooss, fir datt eng natierlech Regeneratioun méiglech ass an déi lokal Fauna och nach kann dervu profitéieren.

Awer opgepasst: All Bam, Heck an Aascht huet och e Proprietär a gehéiert domat engem. Denkt deemno drun, den Accord vum Proprietär ze froen, éier dir plécken/rafe gitt.

#### *Champignonen*

D'Champignone gehéieren zu den Aarten aus der Annex B2 aus dem *Règlement grand-ducal concernant la protection intégrale et partielle de certaines espèces de la flore sauvage* vum 8. Januar 2010.

D'Recolte, fir en net-lukrativen Zweck, vun den Aarten aus der Annex B2 ass op 1 kg pro Persoun a pro Dag limitéiert.

D'Recolte, fir en net-lukrativen Zweck, an der Grupp (méi wei 3 Leit) ass am Kader vun engem Familljenausfluch oder vun didakteschten Zwecker op maximal 3 kg pro Grupp a pro Dag limitéiert.

D'Recolte, mat engem kommerziellen Hannergrond, setzt eng ministeriell Geneemegung viraus.

Méi Detailer fannt dir op:

https://data.legilux.public.lu/file/eli-etat-leg-memorial-2010-14-fr-pdf.pdf

### 2.3. Dierf een Äscht ofschneiden?

Am Allgemenge gëllt, datt een d'Natur esou soll hannerloossen, wéi een se virfonnt huet. Dat heescht och, datt net onnéideg Äscht vu Beem geschnidden oder gebrach ginn.

Deemno gëtt recommandéiert, datt een säin dréchent Feierholz selwer matbréngt oder dat benotzt, wat vum Revéierfierschter op Nofro zur Verfügung gestallt gëtt.

Am Fall vun Hikë gëtt recommandéiert, datt ee just doudegt Holz, dat um Buedem läit, sammelt a benotzt, fir Feier ze maachen.

Dat selwecht gëllt och fir d'Holz, dat gebraucht gëtt, fir temporär Installatiounen ze maachen.

Eng logesch Ausnam besteet bei nationalen Traditioune wéi zum Beispill dem Banne vum Meekranz den 1. Mee, dem Gënzefest, dat ëmmer Päischten ass, oder och dem Louschläissen. Hei dierf organescht liewegt Material, ewéi Äscht vun der Bich (Fagus sylvatica) a Gënz (Cytisus scoparius), geschnidde ginn. Allerdéngs sollt een sech och hei op de strikte Minimum, dee wierklech gebraucht gëtt, beschränken.

Iwweregens: All Bam, Heck an Aascht huet och e Proprietär a gehéiert domat engem.

## 2.4. Dierf een organeschen Offall an der Natur leie loossen?

Einfach erkläert, gëllt als Offall alles, dat ee wëll lass ginn, well een näischt méi kann dermat ufänken. Dat gëllt deemno esouwuel fir Verpackungen ewéi och fir organescht Material wéi Banannen- oder Orangëschuelen. Och dës bleiwe laang an der Natur leien a brauche vill Zäit, bis se sech zersetzen.

Laut dem Offallgesetz ass et verbueden, Offall vun egal wéi enger Zort an der Gréngzon zeréckzeloossen, ofzeleeën oder ewechzegeheien. Dësen dierf just op deene Plazen, déi speziell dofir virgesi sinn a vun de Staats- a Gemengenautoritéiten definéiert goufen, entsuergt ginn.

An deem Sënn: Huel all däin Dreck erëm mat heem!

## 2.5. Wéi geet ee mat Hausdéieren an der Natur ëm?

Allgemeng gëllt, datt een säin Hond ëmmer muss ënner Kontroll hunn, dëst aus Respekt viru senge Matmënschen, mee awer och, fir d'Déierewelt net onnéideg ze stressen. Wann dir also en Hond hutt, dee gutt follegt, ëmmer um Wee bleift a Siichtkontakt mat iech hält, dierf dësen sech och gär ouni Léngt beweegen. Ass dëst net de Fall, sollt den Hond un der Léngt sinn.

Et ginn awer zwou Ausnamen zu dëser allgemenger Reegel:

- Wärend der Rouperiod vum 1. Mäerz bis de 15. Abrëll soll den Hond an der Gréngzon un der Léngt gehale ginn.
- Speziell an den nationalen Naturschutzgebidder soll den Hond ëmmer un der Léngt gehale ginn. Wann dëst eng formell Obligatioun ass, da fannt dir dës Informatioun op den Informatiounstafelen an den Entréeë vun de Gebidder.

Weider Informatiounen zum legale Kader fannt dir ënner:

http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/loi/2008/05/09/n2/jo

Iwweregens gëlt och hei: Huel däin Dreck erëm mat heem!

# Kapitel 3: Konstruktiounen

Dëst Kapitel beschäftegt sech mat den Artikele 6 a 7 vum Naturschutzgesetz, dat heescht mam Bauen am Kader vun ëmweltpedagogeschen Aktivitéiten an der Gréngzon.

## 3.1. Wat dierf een an der Gréngzon opriichten?

Generell dierfen am Bësch – ouni Geneemegung – keng Hütten oder aner Konstruktiounen opgeriicht ginn, déi e permanente Charakter hunn, dat heescht, déi esou gebaut sinn, datt se iwwer eng laang Zäit solle stoe bleiwen. Denkt och hei drun, den Accord vum Proprietär ze froen.



Wat awer toleréiert ass, si kleng temporär Installatiounen aus lokalem, natierlechem Material (dat heescht ouni Neel, Schrauwen oder änlechen Hëllefsmëttelen), déi nach den Dag selwer oder spéitstens um Enn vun der Saison erëm demontéiert ginn. Elementer wéi Afebrécken oder Slacklines, Tarpen oder Biwaken, déi just fir eng prezis Aktivitéit fir een Dag installéiert ginn, zielen och net als permanent Konstruktioun. Fir all dës Installatiounen ass keng Geneemegung néideg. Wichteg ass awer, datt een sech fir esou eng Aktivitéit en Emplacement eraussicht, dee keng Stéierung fir déi lokal Fauna bedeit a kee Biotop zerstéiert, dat heescht no un engem Wee oder op enger souwisou scho staark frequentéierter Plaz ass. Ausserdeem sollt d'Emplacement keng Gefor fir iech selwer duerstellen. Fir all Risiko aus dem Wee ze goen, soll dofir d'Emplacement mam Fierschter ofgeschwat ginn.

## 3.2. Ënner wéi enge Konditioune kann e permanenten Ënnerstand an der Gréngzon opgeriicht ginn?

Generell solle permanent Ënnerstänn nëmmen do opgeriicht ginn, wou se och wierklech néideg sinn a reegelméisseg genotzt ginn. Fir datt se konform zum Gesetz sinn, ass et wichteg, sech iwwer d'Affektatioun vun dësen Ënnerstänn am Kloren ze sinn. Nëmme reng funktionell Ënnerstänn, déi exklusiv fir pedagogesch Aktivitéiten am Beräich vun der Ëmweltbildung genotzt ginn, si konform mam Gesetz. Dës Ënnerstänn kënnen also weeder als Partyplazen nach fir aner net-pedagogesch Aktivitéite genotzt ginn. Si déngen derzou, ënnerstëtzend ze wierken, dat heescht, den Ënnerstand soll net d'Haaptzil vum Ausfluch sinn. D'Haaptzil ass a bleift d'Natur. Den Ënnerstand déngt just derzou, fir sech am Fall vu Reen kënnen ënnerzestellen oder zum Beispill de Kanner hir Rucksäck kënnen dréchen ofzeleeën. Fir eng gewësse Planungssécherheet ze garantéieren, sollte folgend Konditiounen erfëllt sinn:

- Den Ënnerstand gëtt vun der zoustänneger Gemengeverwaltung ugefrot a geréiert.
- Et gëtt héchstens een (1) Ënnerstand pro Duerf oder Stadquartier mat ëffentlecher Crèche oder Schoul geneemegt.

- Jiddwereen, dee pedagogesch Aktivitéiten am Beräich vun der *Éducation à l'environnement* an der *Éducation au développement durable* mécht, dierf dësen Ënnerstand – mam Accord vun der Gemeng – gratis notzen.
- D'Emplacement gëtt am Virfeld zesumme mam Fierschter erausgesicht an zwar esou, datt den Impakt vun den Aktivitéiten op d'Natur méiglechst geréng ass. Ideal ass eng Plaz ausserhalb vum Bësch oder no um Bëschrand. Dem Bësch seng Bedeitung als Réckzuchsbiotop gëtt ëmmer méi wichteg, dofir soll et bannen am Bësch esou roueg wéi méiglech bleiwen an et solle keng nei Ënnerstänn matzen am Bësch opgeriicht ginn.
- Idealerweis kënnen d'Kanner den Ënnerstand vun der Schoul/Crèche aus zu Fouss erreechen, sou datt keng Busser mussen agesat ginn an domat den ekologesche Foussofdrock méiglechst niddereg bleift.
- D'Emplacement gëtt esou erausgesicht, datt en am Noutfall liicht mat enger Ambulanz ze erreechen ass, mee keen direkten Accès fir Autoe besteet.
- Den Ënnerstand soll reng funktionell sinn: 16 $m^2$ Grondfläch a maximal 3-säiteg zou erfëllen dësen Zweck. Am Ënnerstand kann, falls gewënscht, zousätzlech eng Këscht oder e Schaf fix installéiert ginn, fir dat Néidegst vu Material ze stockéieren (awer opgepasst: ufälleg fir Vandalismus).
- Den Ënnerstand soll esouwäit ewéi méiglech aus onbehandeltem, lokalem Holz bestoen. Eng Bëtonsdall, e Stroum- a Waasseruschloss grad ewéi Toilettë sinn net néideg, fir seng Funktionalitéit ze garantéieren.

Et sief an dësem Kader och drop opmierksam gemaach, datt Rulotten, Mobil-Homes an aner Raimlechkeeten op Rieder, déi ee kann notzen, laut Art. 11 vum Naturschutzgesetz just op ausgewisene Campingplazen dierfen installéiert ginn.

## 3.3. Dierfe bestoend Konstruktiounen an der Gréngzon renovéiert an/oder vergréissert ginn?

Gebaier, déi mat Geneemegung an der Gréngzon opgeriicht gi sinn, gëllen als *légalement existants*. Si hunn en *droit acquis*, also Bestandsschutz. Dëst wëll heeschen, datt se, soulaang wéi se hir geneemegt Affektatioun net änneren, zu all Ament dierfe renovéiert ginn. Fir kleng Renovatioune bannen am Gebai, wou weeder déi bestoend Dallen, nach droend Mauere betraff sinn, ass et net néideg, eng Geneemegung unzefroen. Fir Aarbechten u bestoenden Dallen, un droende Maueren a fir all Aarbechten, déi vu bausse siichtbar sinn, déi also d'Baussemaueren oder den Daach betreffen, muss am Virfeld eng Geneemegung ugefrot ginn.

An der Reegel gi Vergréisserunge vum Bestand, zum Beispill vu Scoutshomen oder Bëschschoulen, nëmmen da geneemegt, wann se néideg sinn, fir sech a Konformitéit mat de Sécherheetsoplage vun der *Inspection du travail et des mines* (ITM) ze setzen.

Fir pedagogesch Ënnerstänn ass e Kader gesat, dee kloer definéiert, woufir se benotzt ginn a wéi eng Gréissten dofir néideg sinn. An deem Sënn dierften hei keng Vergréisserungen néideg sinn, déi iwwer 16 $m^2$ erausginn.

## 3.4. Dierfe Konstruktiounen an der Gréngzon verlount ginn?

All d'Konstruktiounen, egal ob permanenten Ënnerstand, Scoutshome oder Änleches, sinn an der Gréngzon geneemegt gi mat deem kloren Zil, fir hei eng aktiv *Éducation à l'environnement* an/oder *Éducation au développement durable* ze bedreiwen. Dëst ass d'Affektatioun vun dëse Gebaier a war/ass de Grond, fir se iwwerhaapt an der Gréngzon kënnen ze geneemegen. An deem Sënn kënnen dës Gebailechkeete genotzt an och verlount gi fir all Aktivitéit, déi vun ausgebilten Experte begleet gëtt an déi kloer dëst Zil verfollegt, ouni awer e lukrativen Zweck ze hunn. Wat awer zum Beispill net méiglech ass, ass, fir dës Gebaier fir reng kommerziell Zwecker ze verlounen – also mat deem eenzegen Zil, Suen ze generéieren. Aus deem Grond ass et net méiglech, fir dës Gebaier – egal ob gratis oder géint Bezuelung – fir Betribsfeieren, Gebuertsdeeg, Hochzäiten, Silvesterpartyen, Teambuildings-Aktivitéite fir Entreprisen oder soss Aktivitéiten ze verlounen, déi net als Haaptzil d'*Éducation à l'environnement* an d'*Éducation au développement durable* hunn.